Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. August 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Banneminister an d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 897 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Baum iwwert d'Nationalitéit vun de Prisonéier schreift d'Madamm Justizminister, datt am Joer 2023 68 Leit zu Lëtzebuerg zu Prisongsstrofe verurteelt goufen, bäi deenen d'Nationalitéit net festgestallt konnt ginn. Dës Joer beleeft déi Zuel sech bis ewell op 43.

Weider hunn sech am Joer 2023 insgesamt 100 Leit virun de Justizautoritéite misse veräntwerten, déi kenger Nationalitéit konnten zougeuerdent ginn an dës Joer 57.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Regierung elaboréieren, wéi et méiglech ass, datt si d'Nationalitéit vu sou ville Leit, déi sech hei am Land ophalen, net kennt?
2) Wéi eng technesch Méiglechkeete stinn allgemeng zur Verfügung, fir d'Nationalitéit festzestellen? Vu wéi enge vun deene Méiglechkeete mécht d'Regierung Gebrauch? Wéi eng Grënn schwätze fir a géint déi verschidde Methoden?
3) Wéi kann et sinn, datt esou vill Leit sech zu Lëtzebuerg ophalen, déi kengem Staat kënnen zougeuerdent ginn an dann och duerch kriminell Verhalen opfalen? Wéi wëll d'Regierung déi Zuel reduzéieren?
4) Zu wéi eng Konsequenze féiert déi feelend Nationalitéit um Niveau vun der Verwaltung an dem Alldag am Prisong?
5) Zu wéi enge Konsequenze féiert déi feelend Nationalitéit nom Enn vun der Prisongsstrof? Dierfen déi betraffe Persounen sech weiderhin hei am Land ophalen? Falls net, u wéi ee Staat gi si verwisen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten